PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Mam Anzuch vum Wanter maachen déi kal Temperaturen de Mënschen an der Obdachlosëgkeet alt nees schwéier ze schafen. Dofir wäert, ënnert anerem, dëst Joer ërem d'Wanteraktioun organiséiert ginn, fir de Persoune wärend de kalen Nuecht ee waarmen Ënnerdaach ze bidden. D'Dieren vun der Wanteraktioun maachen allerdéngs eréischt den 1ten Dezember op. D'Temperaturen ënnerschreiden awer oft scho virdrun de Gefréierpunkt – sou wéi zum Beispill och an dësem November schonn de Fall war.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ugesiichts vun den aktuellen Temperaturen, wäert d'Wanteraktioun 2019-2020 méi fréi seng Dieren opmaachen?

2. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass d'Wanteraktioun **d'nächst Joer** méi fréi wäert ufänken a méi laang wäert oppe bleiwen? Falls nee, firwat net?

3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Wanteraktioun och iwwert de Wanter eraus op bleiwe sollt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député